



Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/01/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesesch fir Finanzen weiderzeleeden.

Am Fall vum Antreffe vu Päck aus Net-EU-Staaten kritt den Empfänger ee Bréif fir "Frais de dédouanement" ze bezuelen. An der Fro n°5300 hunn ech schonn no Detailer zu der Bezuelmethod gefrot. De Minister Gramegna huet mir erkläert: "dës TVA gëtt net vun der Lëtzebuerger Douane opgehuewen, mee vun der Courier express Firma respektiv der Post, déi de Pak bei de Keefer liwwert." An dësem Fall kënnen also Privatfirmen "Frais de traitement" grad ewéi d'TVA fir d'Douane afuerderen.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesesch eng Réi zousätzlech Froe stellen:

- Op Grond vu wéi enger Base légal, kann eng Firma d'Frais de traitement fir d'Post respektiv d'Douane afuerderen?
- Kënnt et fir, dass keng TVA muss nobezuelt ginn, de Client awer nodréiglech Frais de traitement verrechent kritt? Wa jo, firwat falen dës Fraisen un?
- Muss de Client beim Dédouanement iwwert d'Liwwerfirma fueren, oder kann een d'TVA och direkt bei der Douane bezuelen? Wa jo, falen an dësem Fall och Frais de traitement un? Wann nee, firwat gëtt dem Client hei net kommunizéiert, dass dës Fraisen, déi jo dann net un de Lëtzebuerger Staat ginn, mee un eng privat Firma, net obligatoresch sinn?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc
Député



www.piraten.lu



Äntwert vun der Madame Finanzministesch Yuriko Backes op d'parlamentaresch Fro n°5580 vum 25. Januar 2022 vum éierbaren Deputéierte Marc Goergen iwwer d'Frais de traitement am Kader vun den Douanesformalitéiten

Mam Akraafttrieden vun der EU Direktive 2017/2455, muss op all Wuer déi zanter dem 1. Juli 2021 importéiert gëtt TVA bezuelt ginn an dëst onofhängeg vun hirer Valeur. TVA gëtt op d'Valeur vun der Wuer gerechent. Duerch des Ännerung an der TVA Legislatioun muss esou och zanter dem 1. Juli 2021 bei all Import, bei der Douane Importformalitéiten ausgefëllt ginn, notamment fir d'Valeur vun der Wuer fest ze leeën. Ouni des Formalitéiten gëtt d'Wuer net vun der Douane fräi ginn fir un de Client geliwwert ze ginn.

Entweder huet de Vendeur aus dem Drëttland des Formalitéiten erleedegt an d'TVA, déi ufält bezuelt oder, wann dat net de Fall ass, da kann d'Firma déi de Pak un den Client liwwert des Formalitéiten an de Paiement vun der TVA bei der Douane iwwerhuelen. D'Liwwerfirma, déi d'Douanesformalitéiten fir de Client erleedegt an d'TVA bezuelt huet, ka sech dann nieft der TVA och d'Frais de traitement beim Client zeréck froen.

Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Ufro 4358 ennerstrach gouf, hunn dës Frais de traitement näischt mat der Douane ze dinn. Se ginn vun der Firma fir hir erbruechten Déngschtleschtung gefrot.

De Client kann theoretisch och seng Douanesformalitéiten fir den Import vu senger Wuer selwer erleedegen. TVA muss awer op alle Fall bezuelt ginn, an deem Fall dann direkt vum Client un d'Douane. D'Douane selwer berechent keng Frais de traitement.

Lëtzebuerg, den 24. Februar 2022

D'Finanzministesch

(s.) Yuriko Backes